# De Bëschof entwërt

*Mir wollten och dem Bëschof vu Lëtzebuerg séng Menung zum Thema "1. Kommunioun" wëssen an hun him dofir folgend Froen gestallt:*

*- Wéi stitt Dir zur feierlecher éischter Kommunioun? Am allgeméngen, an och zum Fait, dat all Kanner zu Lëtzebuerg d'Kommunioun am 3. Schouljoer maachen.*
*- Ennerstëtzt dir Poren, déi aus Iwwerzegung op eng 1. Kommuniounfeier fir hir Kanner verzichten? Wéi gesidd Dir d'Situatioun vun deenen anere Kanner aus där Por?*
*- Gesidd Dir en Zesummenhank zwëschen der Taatsaach, dat de Religiounsunterrecht ëffentlech an onse Schoulen ënnerricht gëtt an dem sozialen Drock deen op den Elteren laascht, wann se sech fir oder géint dës Feier entschede sollen?*

***Hei séng Entwërt dozou:***

Zou der Fro vun der éischter helleger Kommunioun kann a wëll ech näischt aneschter son as ewéi dat wat eis **Diözesansynod** durzou gesot huet. Si war sech bewosst, datt haut bei der Feier vun der éischter helleger Kommunioun Schwiregkete sin. Si huet dofir Direktive gin, déi eng Hëllef wëlle sin an dene Schwiregketen.

Déi feierlech éischt helleg Kommunioun as am Liewe vum Kand e wichtegen, reliéise Moment. Et géif drëm goën, déi reliéis Dimensioun nët nëmmen ze erhalen, mee ze verdéiwen. Dat as nët ëmmer liicht. Well bei villen Elteren a Familljen eng reliéis Indifferenz do as. Si gët vläicht bei enger Eischtkommuniounfeier e wéineg ënnerbrach, awer gewéinlech nët genuch, esou datt déi eigentlech reliéis Dimensioun nët méi oder nët méi genuch gesin a verstane gët.

Virun allem misst dat kommerziellt Emgeréits méi verschwannen. E Kand léisst sech virbereden, esou, datt et op seng Aart a Wäis Jesus Christus begéine kann. Den Alter vun -/10 Jor as menger Menong no, reliéis a pädagogesch nët esou schlecht, wann ewéi gesot, d'Kand zou engem him ugepassten Glawenswëssen an enger him ugepasster Glawenspraxis gefouert gët.

Als Paschtouer géif ech mech laang bedenken, éier ech d'Feier vun der éischter Kommunioun géif ofschafen. Si huet e grousse Wäert, och wann et emol Enttäuschung gët. Loosse mer éischter versichen, si nees zou hirer eigentlecher Substanz zréckzeféieren.

En direkten Zusammenhang tëschent dem Reliounsunterricht an der Schoul an engem sozialen Drock, ënnert dem d'Elteren géiwe ston an dëser Fro, fällt, wann en eng Kéier soll do gewiischt sin, haut nët méi esou staark an d'Gewiicht. Ewéi fir d'Firmung kann haut jidfereen sech zimlech fräi entscheeden. Awer et kënne, je no den Emstänn, do oder hei Differenze gin.

Déi feierlech éischt helleg Kommunioun as nach fir d'Kand, seng Famill an och seng Par nach e Fest an am Fong nach e reliéis d'Fest.

**J. Hengen**

---

**Die Sakramente im Leben der Kinder**

Auszüge aus den Beschlüssen der IV. Luxemburger Diözesansynode, die als verbindliche Richtlinien für die Sakramentenpastoral der Diözese 1979 in Kraft gesetzt wurden.

**7. LEITSATZ:** Der Hinführung der Kinder zur Eucharistie kommt sowohl als Einführung in den österlichen Glauben als auch als Erleben und Förderung der kirchlichen Gemeinschaft im Rahmen der christlichen Glaubenserziehung eine grosse Bedeutung zu.

**8. LEITSATZ:** Getaufte Kinder sind zur Teilnahme an der eucharistischen Gemeinschaft berufen und sollen zum rechten Zeitpunkt zur Erstkommunion zugelassen werden.

Die gemeinsame Hinführung der Kinder zur Kommunion sollte in der Regel um das 9. Lebensjahr (3. Schuljahr) stattfinden. Wo jedoch bislang jegliche Glaubenserziehung gefehlt hat, wo ein Kind zusätzlich sowohl von der religiösen Praxis als auch von der Katechese ferngehalten wurde, kann der verantwortliche Seelsorger ohne die erwiesene Gesinnungsänderung der Eltern seine Zustimmung zur Teilnahme an der gemeinsamen Erstkommunion nicht geben.

**9. LEITSATZ:** Gläubige Eltern haben die Möglichkeit, ihre Kinder schon früh zur heiligen Kommunion mitzunehmen, nachdem sie sich, im Einverständnis mit dem zuständigen Seelsorger, um eine altersgemässe Vorbereitung bemüht haben. Die Seelsorger sollen die Eltern auf diese Möglichkeit aufmerksam machen und ihnen gegebenenfalls helfen, sich sorgfältig auf ihre Aufgabe vorzubereiten.

**APPELL:** Die Synode bittet die Eltern, Paten und Verwandten der Kinder, beim Familienfest in solidarischer Weise von solchen Äusserlichkeiten und Ausgaben abzusehen, die die religiöse Dimension des Ereignisses verdunkeln oder gar zerstören. Der religiöse Sinngehalt der Erstkommunionfeier soll bewahrt werden.